



Groupe parlementaire

N°159  
Entrée le 10.01.2024  
Chambre des Députés  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Claude Wiseler  
Luxembourg, le 11.01.2024

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. Januar 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Ekonomiesminister weiderzeleeden.

Esou wéi et mir zougedroe gouf, si vill Cliente vun der Post méttlerweil gezwongen, an de Guichete vum Etablissement Public op déi franséisch Sprooch zeréckzegräifen, well hire "Conseiller commercial" op der Plaz just nach eng vun eisen dräi administrative Sprooche beherrscht.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Ekonomiesminister gär dës Froe stellen:

- 1) Kann den Här Minister dës Virgäng bestätegen?
- 2) Falls jo, kann den Här Minister dann erklären, firwat vum Personal an engem Etablissement Public méttlerweil keng Kenntnis méi vun eisen dräi administrative Sprooche verlaangt gëtt?
- 3) Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi vill Leit an de Joren 2013 bis 2023 bei der Post agestellt goufen, déi zum Ablack vun hirem Déngschtuntrëtt op mannst eng vun eisen dräi administrativen Amtssproochen net beherrscht hunn, wéi dës Zuel sech op déi eenzel Sprooche verdeelt, wéi vill entspreichend Course säitdeem vum Personal vun der Post absolvéiert goufen a wéi ee Käschtepunkt dem Betrib doduerch entstanen ass?
- 4) Goufen déi entspreichend Course mat engem Examen ofgeschloss fir d'Kenntnisser an där Sprooch ze testen?
- 5) Falls jo, wéi ass d'Erfollegsquot ausgefall?
- 6) Gëtt et Kontrollmechanisme fir sécherzestellen, datt d'Personal, dat Coursen an enger vun eisen administrative Sproochen iwwert de Betrib bezuelt krit, dës Sprooch och am Ëmgang mam Client konsequent benotzt?

Mat déiwem Respekt,



Tom Weidig  
Deputéierten



**Réponse de Monsieur le ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, à la question parlementaire n°159 du 10 janvier 2024 de Monsieur le Député Tom Weidig au sujet des langues parlées par le personnel de POST Luxembourg**

De Minister kann esou Virfäll am Ausmooss wéi se vum Deputéiert beschriwwen ginn net bestätegen.

Jiddereen, dee bei POST Lëtzebuerg als Telekom-Beroder agestellt gëtt, muss déi véier Sproochen, Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch an Englesch kënnen an d' Astellungsgespréich gëtt och an deene véier Sproochen gefouert.

Doriwwer eraus schwätzt am Verkafsreseau vu POST Lëtzebuerg an och am Contact Center, also op all Plazen déi mam Client ze dinn hunn, quasi jidderee véier, wann net fënnef Sproochen.

POST Lëtzebuerg bitt och all net lëtzebuergeschsproochen Mataarbechter an anere Beräicher Coursen u vir Lëtzebuergesch ze léieren.

Luxembourg, le 23/01/2024

Le Ministre de l'Économie, des PME,  
de l'Énergie et du Tourisme,

(s.) Lex Delles